


# De Buet

vun der

# Duelemer Musek





**Krëscht-Gala**

17. Dezember 2022

Invitatioun

Pizza Hut™

FOR THE LOVE OF PIZZA

**Dine In & Take Out**
**T. 26 66 45 56**
**7/7 Ouvert • 11h30 - 22h00**

**15, route de l'Europe**
**L-5531 Remich**
**Parking**

**pizzahut.lu** **/pizzahut.lu**

MENUISERIE
MGM
GUY MORHENG

Menuiserie générale
Portes intérieures et extérieures
Fenêtres et portes fenêtres
en BOIS, ALU et PVC
Marquises, stores et volets
Cuisines équipées
Armoires incorporés sur mesure
Comptoirs d'accueil
Dressing sur mesure

**mgm.lu**

3, ZI Zare Ilot Ouest L-4384 EHLERANGE TÉL.: 26 55 55-1 info@mgm.lu MenuiserieGuyMorheng

BORDERS
Shopping center Schengen

Au côté du supermarché **Delhaize**, **BORDERS** vous propose une offre variée d'enseignes de services, beauté et restauration.

Neben dem **Delhaize** Supermarkt bietet Ihnen **BORDERS** ein vielfältiges Angebot von Geschäften für Serviceleistungen, Schönheit und Gastronomie.

**borders.lu**




Electricité générale
Cuisines tous styles
Electro-Ménager
Equipements Pro

n. folschette s.à r.l.

NEFF SIEMENS Amana BOSCH Miele

16, route de Luxembourg L-1899 KOCKELSCHEUER
Tél 36 98 04-1 - Fax 36 01 06

# *Virops e Wuert …*

*„Im Wesen der Musik liegt es, Freude zu machen“, daat huet schons 300 v. Chr. den griecheschen Philosoph Aristoteles gesoot. A mir sin ganz averstanen mam Griech a wëllen eis dorunner halen.*

*D'Musek vum Krëscht-Gala dëst Joër entféiert eis an d'Welt vum Film, vum Märchen, traditionnel Weisen sin ze héieren an och Musek, baséiert op Traditiounen. De Programm as ganz vielfälteg gehalen. Mir versichen en ofwiesslungsräichen, gefällegen, stëmmungsvollen a besënnleche Concert ze präsentéieren - mat villen Iwwerraschungen an Héichpunkten.*

*Dozou droen sécher d'Solisten bäi, déi, a Begleedung vun eise Musikanten, Iech mat hirem Instrument verzauberen.*
*Eisen Dirigent, den Hans-Karl Daus, konnt déi deitsch Violinistin Iwona Haffner-Celiker, déi hir Wuerzelen a Polen huet, dovun iwwerzeechen fir, zesummen mat de Museker vun der Duelemer Fanfare, ze musizéieren. Um Krëscht-Gala verzaubert sie eis mat der Gei zu der sensibler a gedroener Musek vun „Schindler's Liste“ oder der Irescher traditioneller Melodie „May The Road Rise“. Musek déi beréiert.*
*Weidere Solist vum Owend as den Armand Bleser, e begeeschterten Museker aus eise Reihen. Den Armand spillt op senger Hautbois daat déif beweegend Wierk aus der Fierder vum Ennio Morricone, „Gabriels's Oboe“, Titelmusek aus dem Film The Mission.*
*Méi iwwert eis Solisten gidd Dir gewuer beim Weiderblidderen an dëser Zeidung.*

*Grad wéi um Fréijors-Concert 2022, spillt d'Duelemer Musek och um Krëscht-Gala e Wierk vum Lëtzebuerger Komponist Georges Sadeler. D'Musekstéck as geschriwwen gin fir eng grouss Orchesterformatioun, mais de Georges huet eis dëst Stéck, entspriechend eiser Besetzung esou ëmgeschriwwen, dass ët fir eis spillbar as an och gutt kléngt. Mir sin houffreg Iech den 17. Dezember „Au Service de la Nation“ ze präsentéieren. „Am Déngscht vun der Natioun“ as e Stéck, waat 2017 vum Sergeant Georges Sadeler am Kader vun de Feierlechkeeten fir 175 Joër Militärmusek a 50 Joër Fräiwëllegendéngscht an der Lëtzebuerger Arméi komponéiert gouf. Am Musekwierk begleede mir eis Militärmusek während dem ganze Joër vun Héichpunkt zum Nächsten an eisem Ländchen.*

*Och iwwert d'Aarbecht vum Jugendorchester vun der Duelemer Musek fand Dir en Artikel an dëser Ausgaab vum „Buet“. De Jugendorchester as aktiven Bestanddeel vun eisem Krëscht-Gala a stëmmt um Concert eis Nolauschterer an op déi freedeg Zäit, déi nach kënnt – Chrëschtdag.*

*Jo déi kaal Joreszäit läit virun eis. Kaal an düster gesäit ët op der Welt aus, mat Krich, Klimawandel an Energiekriis. Mir mussen bedenken, dat ët eis selwer heiheem nach gutt geet. Hongersnout an den ärmsten Länner, Kanner stiewen well se näischt hun, well keen sech ëm sie këmmert. Bomme faalen an zerstéieren. Loost mir an dëser schwéierer Zäit un all sie denken an Weeër fannen fir hinnen wéingstens finanziell eng Ënnerstëtzung ze sin.*

*A mir versichen, Iech, léif Leit, ganz nom Aristoteles, eng Freed ze machen mat eiser Musek an invitéieren Iech ganz gären op de Krëscht-Gala vun der Fanfare Gemeng Duelem e Samschdeg, den 17. Dezember, ab 20.00 Auer am Centre Culturel zu Duelem. Mir freeën eis!*

*Am Numm vun all de Memberen vun der Fanfare Gemeng Duelem, wënschen ech Iech elo schons e besënnlechen Chrëschtdaag, doheem am Waarmen, zesummen mat léiwe Leit. E gudde Rutsch zum Enn vum Joër. Gléck, Zefriddenheet an déi beschte Gesondheet sollen Iech begleeden am Neie Joër.*

*Robert Vandivinit*
Präsident vun der Fanfare Gemeng Duelem

Fleurs du Temps

17 rue Principale, L-5240 Sandweiler
Tél: 28 77 31 08 - Email: info@fleursdutemps.lu

Coiffure Vandivinit

Dames - Hommes

28, rue de la Gare
L-5540 REMICH

**Tél.: 26 66 04 72**

Mardi - Mercredi:
**08.00 - 18.00 Hrs**


Jeudi - Samedi:
**uniquement sur rendez-vous**

HairCult®

+352 26671358
olga@haircult.lu

ÖFFNUNGSZEITEN
Mo. – Mi. von 09h00-18h00
Do. – Fr. von 09h00-21h00
Sa. von 09h00-15h00

restaurant
an der tourelle



*12, route du Vin*
*L-5450 Stadtbredimus*
*Tél +352 23 69 85 11*
*Fermé mardi et mercredi*

IMPRIMERIE schlimé
19, RUE DE L'INDUSTRIE • L-8069 BERTRANGE
TÉL. 31 40 50-1 • WWW.SCHLIME.LU • INFO@SCHLIME.LU
IMPRESSION OFFSET & DIGITALE




S'ENGAGER SUR LA QUALITÉ ET LA RAPIDITÉ DE VOS IMPRIMÉS

# *D'Solisten vum Krëscht-Gala …*

## ***Iwona Haffke-Celiker***

*„Schindler's List" an „May The Road Rise"*
*Solo fir Gei mat Orchester*

*__Iwona Haffke-Celiker__, geboren in Polen, begann Ihre musikalische Ausbildung mit 8 Jahren an der staatlichen Feliks-Nowowiejski Musikoberschule in Danzig (Polen).*



*Nach dem Abschluss mit Auszeichnung, absolvierte sie ein Studium an der Musikhochschule in Bromberg (Polen).*

*Danach arbeitete sie in verschiedenen Orchestern und nahm mit diesen an mehreren internationalen Tourneen teil.*

*Seit dem Umzug nach Deutschland im Jahre 1999 engagiert sie sich als freiberufliche Solistin, Kammer-/ Orchestermusikerin und Instrumentalpädagogin im Kreis Trier-Saarburg.*

## ***Armand Bleser***

*„Gabriels's Oboe"*
*Solo fir Hautbois mat Orchester*

*Mat ning Joer huet den __Armand Bleser__ sech an de Solfègecours vun der Mierscher Musek ageschriwwen.*

*Dat Joer duerno huet en ugefaang Klarinett beim deemolegen Dirigent vun der Mierscher Musek ze léiren. Déi Zäit gouf et net vill Museksschoulen, sou datt den Dirigent dofir zoustänneg war, fir all Instrument, wat an der Musek gespillt ginn ass, z'enseignéiren.*

**OPTIQUE**
FRIEDEN & QUINTUS

17, RUE PRINCIPALE
SANDWEILER - Tél.26 350 430
www.opti.lu



Vous avez
une passion ?

**Nous aussi !**

SPUERKEESS

Your Bridge to Life

# Boissons de Contern

**Livraison à domicile**
**Location de matériel pour fêtes**

**www.boissonsdecontern.lu**
**info@boissonsdecontern.lu** **+352 691 148 598**

Jeanette Lobner
# Floristikatelier

11, Kiirchestrooss
L-5741 Filsdorf

Tel.: 23 66 73 63
www.floristikatelier.com
E-mail: info@floristikatelier.com

Mir sinn op
Mé.-Fr.: 9.00-12.00
14.00-18.00
Sa.: 9.00-12.00
14.00-17.00

Entreprise de Construction
et de Façades

Travaux de transformation
et aménagements extérieurs

# CORTOLEZZIS A.

23, rue Pierre d'Aspelt
L-5710 ASPELT
Tél. 23 66 09 43
GSM 621 14 99 46
info@cortolezzis.lu

**WERKERS WELT**
# moes freres

4, op der Kopp • L-5544 Remich
www.moesfreres.lu

**Besuchen Sie uns auf**
**und auf LETZSHOP**

cafe
# DUELEMER STUFF

Propr. Christiane Hoss

1, Waldbriedemeserstrooss
L-5680 Dalheim
Tél. 26 67 27 14

fermé le mardi • jeu de quilles • petite restauration

**REDING nico**
LETTRAGE

ADVERTISING
SINCE
1990

**MONDORF/ELLANGE**
**39 Z.I. TRIANGLE VERT**

**T. 27 49 38-1**
**WWW.LETTRAGE.LU**

**LETTRAGES VEHICULES ○ IMPRESSIONS DIGITALES**
**PANNEAUX ○ CALICOTS ○ RELIEFS ○ DECORATIONS**



*Enges Daags am Cours ass den Dirigent bei de Schaf gaangen an huet do eng Këscht mat engem Instrument erausgeholl an hie sot zum Armand: „Dat hei ass een Hautbois. De Moment hu mer kee Musikant, deen dat Instrument spillt. Wiers du eventuell bereet, dat Instrument ze léiren? Mä, ech kann dech dat Instrument leider net léiren, dovun hunn ech nämlech guer keng Ahnung. Du muss dann an d'Stad an de Conservatoire fueren, fir datt een Hautboisproff dech weist, wéi dëst Instrument gespillt gëtt." Den Armand huet zougesot an dat Joer duerno sech am Stater Conservatoire an den Solfège- an an den Hautboiscours ugemellt.*

*Am Joer 1973 huet den Armand seng Coursen mat engem éischte Präis am Solfège an am Hautbois ofgeschloss. Zu gläicher Zäit huet hin och, sief dat am Schülerblosorchester oder am Schülersinfonie-orchester gehollef spillen. De Sinfonieorchester ass jo een Orchester mat Geien an aner Sträichinstru-menter, sou datt een an dësem Orchester mat engem Blosinstrument dacks d'Geien iwwertéint a kleng Soloen ze spillen hat, wat ganz interessant war, mä och eng grouss Erausfuerderung duergestallt huet. Zwee Joer méi spéit huet den Armand nach eng Weiderbildung gemaach a mat engem Prix supérieur opgehalen.*

*1976 war den Armand Member vun engem Quintette à vents: Flûte, Hautbois, Klarinett, Fagott a Cor. Zum Schluss vum Schouljoer huet de Quintett virun enger Jury gespillt an do goufe se mat engem éischte Präis ausgezeechent.*

*No sengen Léierjoren huet den Armand laang an der Mierscher Musek gespillt an och bei der enger oder anerer Musek mol ausgehollef.*

*Am September 2016 as den Armand dunn Member vun der Duelemer Musek ginn.*




## ***D'Musikanten vun der Duelemer Musek…***

*Bruno BARBONI*
*Gino BARBONI*
*Luigi BARBONI*
*Manuela BARBONI*
*Sabine BARBONI*
*Laurent BIEWER*
*Max BIEWER*
*Marie-Rose BISSENER*
*Armand BLESER*
*Tanja BREYER*
*Charles DAVID*
*Tammy GEORGES*
*Robert GORZA*
*Lou HAESAERTS*
*Tessy HENGELS*
*Chantal HOLFELTZ*
*Paul LANNERS*
*Marie LAHR*
*Sébastien MEYERS*
*Franco NEZI*
*Sabrina PINTO*
*Simone RUF*
*Olivier SADELER*
*Frank STEICHEN*
*Celina THILL*
*Boris VANDIVINIT*
*Charel VANDIVINIT*
*Jean VANDIVINIT*
*Leroy VANDIVINIT*
*Liz VANDIVINIT*
*Robert VANDIVINIT*
*Jacqueline WAGENER*
*Jim WILHELMY*

# *Krëscht - Gala*

Vun der Fanfare Gemeng Duelem
e Samschdeg, de
17. Dezember 2022
um 20.00 Auer zu
Duelem am Centre Culturel

Directioun : Hans-Karl Daus
Präsentatioun : Marie-Rose Bissener

Solisten
Iwona Haffke-Celiker (Gei)
Armand Bleser (Hautbois)

Fräien Entrée
Quête zu Gonschten vun enger
Hëllefsorganisatioun

E grousse Merci un Donnateuren vun de Musekstécker :

Marianne VANDIVINIT / Gino BARBONI / Louis KARMEYER /
Théo MARX / Robert VANDIVINIT

***Deel 1 – grouss Musek***

**How To Train Your Dragon**
John Powell arr. Sean O'Loughlin

**Drei Haselnüsse für Aschenbrödel**
Karel Svoboda arr. Guido Rennert

**Somewhere In My Memory**
John Williams arr. John Moss

**Au Service de la Nation**
Georges Sadeler

**• Paus •**

***Deel 2 – Jugendorchester***

**Kleine Weihnachtsfantasie**
Thomas Berghoff

**Christmas Drummer Boy**
Kees Vlak

**Das Junge Weihnachtskonzert**
Alfred Bösendorfer

***Deel 2 – grouss Musek***

**St. Florian Choral**
Thomas Doss

**Theme from « Schindler's List »**
John Williams arr. Calvin Custer | **Solistin: Iwona Haffke-Celiker**

**Gabriel's Oboe**
Ennio Morricone arr. Robert Longfield | **Solist : Armand Bleser**

**May The Road Rise**
Markus Götz | **Solistin: Iwona Haffke-Celiker**

**Marche du Luxembourg**
Robert Allmend

# Restaurant La Rameaudière

"OP DE JHANGLISGARE"
Daniel Rameau
fermé le lundi et mardi

L-5690 ELLANGE-Gare
10, rue de la Gare
(Mondorf) (G.-D. de Luxbg)

Tél. +352 23 66 10 63
Fax +352 23 66 10 64
contact@larameaudière.lu

MODEHAUS FISCHER KG

Damen-Mode
Herren-Mode
Uniformen und Dienstbekleidung

Wieserstraße 2
D-66706 Perl-Nennig
Telefon (06866) 330
Telefax (06866)1298

mail@mode-von-fischer.de
www.mode-von-fischer.de

Äre Metzler vun der Musel
CLEMENT
BOUCHERIE • CHARCUTERIE • PARTY - SERVICE

**REMICH** | 4, Place du Marché | Tél. 23 66 90 56
**MONDORF** | avenue Lou Hemmer | Tél. 23 66 80 35
bclement@pt.lu

Audi
**Garage Roby Cruciani S.à r.l.**
212, route de Luxembourg
L-3515 Dudelange
Tél.: 26 52 52-1
Fax: 26 52 52 - 26

WACHT
BIJOUTERIE

9, RUE DE MACHER · REMICH · TEL 26 66 06 04



NEU IN MONDORF

VOYAGES VANDIVINIT
Reesen mat Stil

LuxairTours SENSATIONS DERTOUR airtours TUI

**Tél.: 23 66 80 80 - 1**
31, avenue François Clément L-5612 MONDORF-LES-BAINS

# De Jugendorchester …

*De Jugendorchester huet an de leschte Jore vill jonk Musikanten motivéiert kritt fir nierwt der Musekschoul och am Veräin op hirem Instrument ze spillen.*
*Dës praktesch Erfahrung hëlleft all Neizougang säin Instrument an engem klengen Orchester besser kennenzeléieren an ze spillen. Et ass en eischte Schrëtt an d'Fanfare vun Duelem.*

*Esou kënnt et dann och, dass ëmmer erëm Musikanten aus dem Jugendorchester an de groussen Orchester wiesselen.*
*Ma et ass awer och all Joer fir Nowuess gesuergt, deen a Kollaboratioun mat der regionaler Musekschoul de Wee an den Duelemer Jugendorchester fënnt.*

*Zu engem groussen Deel setzt den Jugendorchester sech aus Kanner a Jugendlechen zesummen. Awer net nëmmen.*
*Och Erwuessener hu mir an eise Reihen. Leit, déi grad eréischt de Wee op en Instrument fonnt hun. Mat eisem Jugendorchester gi mir och hinnen d'Geleeënheet op engem méi einfache Niveau hirt Instrument ze spillen.*

*Seit senger Grënnung huet eise Jugendorchester scho vill Dirigente gehaat. An och eisen aktuellen Dirigent, den Hans-Karl Daus, mecht sech eng Freed draus elo schon deen drëtte Gala mat der jonker Ekipp anzeprouwen.*
*Säit dem September prouft den aktuellen Ensembel vu mëttlerweil 12 Memberen all Meinden Owend de Programm fir de Krëschtgala an huet sech zousätzlech scho fir ee Stage an eng Regëschterprouf gesinn.*

*Et ass dowéinst derwäert de 17. Dezember de Jugendorchester op de Krëschtgala vun der Duelemer Musek lauschteren ze kommen.*

*An deem Sënn, bis um Krëschtgala.*

*Boris Vandivinit*
*Responsabel*
*Jugendaarbecht Duelemer Musek*

## D'Musikanten vum Jugendorchester…

*Tim BIEWER*
*Lou HAESAERTS*
*Tessy HENGERS*
*Amélie HERMANN*
*Marie LAHR*
*Tim LIMPACH*
*Louane MANGEN*
*Theo SCHILLING*
*Paul STEBENS*
*Philippe STEBENS*
*Yannick STEBENS*
*Smilla WESSOLLECK*



*De Nowues „sëtzt" an de Startlächer*



Raiffeisen


钓鱼台
Hostellerie des Pêcheurs
Restaurant Chinois
Fermé le mardi
de 11.30–15.00 hrs et de 17.30–23.00 hrs
5570 REMICH
45 route de Stadtbredimus—Tel. /Fax 23 69 80 67


Restaurant Chinois Jin YangGuang
BOFFERDING
Restaurant Chinois Jin Yang Guang
Adresse :1,Hossegaass
L–5687 Dalheim
TEL:26672167
Ouvertures:11:45h–14:30h et 18:00h–22:00h
Fermé tous les mardis (sauf jours fériés )


Carrosserie TRICAR s.à r.l
Dépannage-Débosselage-Peinture
Véhicules toutes marques
Réparations carrosserie et mécanique
toutes marques
PROMOTIONS
sur
jantes et pneus
Contactez-nous !
Tél : 26672108 (www.tricar.lu)
41, Z.A Triangle Vert
L-5691 Ellange/Mondorf
Carrosserie TRICAR
TEL: 26672108/ FAX: 26672109
z.a. TRIANGLE VERT-Mondorf
Dépannage-Débosselage-Peinture


Muller & Wegener
www.mullerwegener.lu
FOURNISSEUR DE LA COUR
DEPUIS 1901
Papier & Façonné - Ecriture & Marquage
Fourniture & Equipement de Bureau
Mobilier de Bureau - Classement & Archivage
Fourniture Informatique - Machine de Bureau
Présentation - Emballage & Expédition
Hygiène & Restauration
Dessin & Bricolage - Printing Services
mw.vente@mullerwegener.lu
www.mullerwegener.lu


• Lëtzebuerger Hunneg
• Hunnegdrëpp
• Hunnegwäin
• Käerzen
• Fir Kanddaf a Kommioun
Vum Beiemann:
Fränz Kutten
21, rue d'Assel
L-5443 Rolleng (Bous)
Tel. 23 699 510
GSM 621 75 13 57
www.beiemann.lu


MUSIC & TOOLS
www.musicandtools.lu
Music & Tools
luxembourg
vente - location - réparation
instruments de musique
www.musicandtools.lu
Vente
Location
Réparation d'instruments
2 rue Michel Welter L-2730 Luxembourg
info@musicandtools.lu
Tél/fax : 26 52 38 87


OPTIQUE
Mondorf
s.à r.l.
LUNETTERIE - OPTOMETRIE
CONTACTOLOGIE
APPAREILS AUDITIFS
V. ET C. BINTNER
3, rue de Mondorf
L-5421 Erpeldange (Bous)
Optimétristes Dipl.
L-5610 Mondorf-les Bains
2, avenue des Bains • Téléphone 23 66 13 10

# Réckbléck 2022 …

## Fréijors-Concert

*Bei Geleeënheet vum Fréijors-Concert den 30. Abréll sin verdéngschtvoll Memberen vun der Fanfare mat enger Medaille vun der UGDA geéiert gin. D'UGDA woar vertrueden duerch de Generalsekretär Marc Thill an d'Regionalvertrieder vum Osten, Monique Zeimet-Schroeder an Maurice Gravier. Zesummen mat hinnen huet de Buurgemeeschter vun der Gemeng Duelem, Jos. Heisbourg, déi trei Memberen vun der Duelemer Musek ausgezeechent.*



***Insigne fir 5 Joër:*** *Max BIEWER, Tessy FRANTZ-HENGERS, Tammy GEORGES, Lou HAESAERTS, Jaco QUESNOIT, Olivier SADELER, Celina THILL, Smilla WESSOLLECK a Jim WILHELMY*
***Médaille de mérite en argent fir 20 Joër :*** *Manuela BARBONI, Paul LANNERS a Chad VANDIVINIT*
***Médaille en vermeille Grand-Duc Adolphe fir 60 Joër :*** *Gino BARBONI*
***Médaille en vermeille Grand-Duc Adolphe avec palmette fir 70 Joër :*** *Louis KARMEYER*







# Loscht u Musek ?

Mir brauchen :

Nach weider symphatesch Musikanten, déi d'Freed um Musizéieren mat eis deelen.

Mir wëllen eisen Kontingent nach weider ausbauen – déi bestehend Instrumenter opstocken a natiirlech aaner Blosinstrumenter integréieren.

Erfahren Musikanten oder Débutant – mir sin interesséiert un Iech all.

FANFARE GEMENG DUELEM • www.duelemermusek.com





Restaurant

A Schmatten

WELFRANGE

1, Saangewee – L-5698 Welfrange

Tél.: 23 66 82 61 – Fax: 23 66 15 34

info@aschmatten.lu – www.aschmatten.lu









Ënnert de Lauréaten vum **Concours Luxembourgeois pour Jeunes Solistes**, deen den 13. November am Conservatoire vun der Stadt Lëtzebuerg stattfond huet, woar och e Musikant vun der Duelemer Musek, den ***Olivier Sadeler***.
Mat 56 Punkten huet de jonken Saxophonist e wonnerbaren Excellent erreecht an as mat enger Médaille en Or ausgezeechent gin.
Bravo Olivier, maach weider esou.

## Hämmelsmarsch

*Den Hierscht as an der Duelemer Gemeng d'Zäit vun der Kiermes. A waat as eng Kiermes ounie Hämmelsmarsch! Wéi ët Traditioun as, zéien eis Musikanten duerch d'Duerf an ënnerhalen d'Leit mam Hämmelsmarsch a mat der Weis vun „T'ass Kiermes am Duerf". Zu Welfreng hu mir d'Kiermes Sonndes den 23. Oktober no der Houmass agelaud an zu Duelem si mir schons Samschdes den 05. November duerch d'Gaassen gezunn. D'Leit freeën sech all Joërs drop wann d'Musek spille kënnt an honnoréieren eis daat och dann. E grousse Merci! De nächste Rendez-vous as den 14. Januar fir d'Fëlschdreffer Kiermes. Mir freeën eis!*



*Hämmelsmarsch Welfreng*




*Mëtt November as Kiermes zu Hassel. Hassel gehéiert nët zu der Gemeng Duelem. Ët sin d'Pompjeeën vun Hassel, déi zoustänneg sin fir den Hämmelsmarsch a mir gestallten de musikalesche Kader, op Invitatioun vun der Amicale vun den Haasseler Pompjeeën.*



# Dëst war d'Nummer 47

E grousse Merci un d' Annonceuren an dëser Zeidong. Ouni hir finanziell Ënnerstëtzung wär ët nët méiglëch dëse Périodique erauszebréngen.

Liest a mierkt Iech d'Annonceuren an onser Zeidong a maacht och sie zou Ärem Partner.

D'Memberen vun der Musek wënschen schéin Krëschtdeg an e gudde Rutsch an d'neit Joër.

Oplo: 1200

**Fanfare de la Commune de Dalheim** a.s.b.l. • 1901 gegrënnt
**Adress:** 15, Munneréferstrooss • L-5741 Filsdorf
**Redaktioun:** Robert Vandivinit